



ACEL

de Studentevertrieder

Lëtzebuerg, den 30. Juni 2014

Positioun vun der ACEL am Thema Aide Financière

Aleedung

Den 20. Juni 2013 gouf dat aalt Gesetz vun der Aide Financière duerch den Europäesche Geriichtshaff (Arrêt C20/12) gekippt. Doduerch huet missen en neie Gesetzprojet ausgeschafft ginn. Nodeems d'ACEL sech mat der deemoleger Ministesch Martine Hansen a mam aktuelle Minister Claude Meisch getraff huet, ass dëse Gesetzprojet vun der neier Regierung virgestallt an am Mäerz deposéiert ginn.

De Projet de Loi 6670 (PdL 6670) definéiert d'Modalitéite fir d'Ausbezuere vun der Studiebäihëllef. Dëst ass eng Ënnerstëtzung déi et zukënftegen an aktuelle Studenten erméigleche soll studéiere ze goen. D'Zil vun deem Gesetz ass et laut dem Minister Meisch ee gerechten an onofhängegen Zougank zur Héichschoulbildung ze garantéieren ënner Berécksichtigung vum sozio-economieschen Hannergrond vum Student. D'ACEL weist an dësem Kontext doropper hin, datt d'Aide Financière just am Zesummenhang mat den Ausgaben déi an direktem Zesummenhang mam Studium stinn - wéi z.B. Studiengebühren, Käschte fir Coursen a Material, Loyer a Liewenskäschte - ze gesinn ass.

E weidert Haaptuleies vum neie Gesetzprojet ass, laut Ministère, d'Agrenzong vun der Käschtenexplosioun déi d'Uerteel vum Europäesche Geriichtshaff (Arrêt C20/12) mat sech bruecht huet. Et handelt sech am aktuelle Fall also trotz de Virsätz ëm eng Measure fir Käschten anzespueren. Trotzdem verkennt ACEL d'Realitéit net. De Comité a seng Membere sinn sech bewosst, datt dëst Gesetz och an der Zukunft ee Studium erméigleche soll, ouni datt spéider Studentegeneratiounen duerch iwwezzunne Fuerderunge vun haut belaauscht ginn. Domadder iwwehëlt de Studentevertrieder seng Responsabilitéit vis-à-vis vun der Gesellschaft a kommende Generatiounen. Trotzdem ass et wichteg, datt d'Studenten net déi eenzeg sinn déi d'Laascht vun de Spuermesuren droe sollen. An deem Sënn wäert d'ACEL d'Weiderentwécklung vun de Spuermesuren intensiv verfollegen.



Association des Cercles d'Etudiants Luxembourgeois

BP 63 | L-7201 Bereldange
1, rue de la Loge | L-1945 Luxembourg

contact@acel.lu | www.acel.lu
+352 691 420 538 / 539 / 540

BCEE LU56 0019 2100 0834 4000
CCPL LU94 1111 0915 5887 0000

RCS Luxembourg F969



SPUERKEESS

Am Verlaf vun dësem Projet huet den ACEL Comité sech zweemol (29.03 a 14.06.) op engem "ACEL meets Presi" (AMP) a méi direkter Aart a Weis mat senger Memberen ausgetosch. Den AMP soll den Unhänger d'Méiglechkeet ginn sech während engem Treffen direkt un de Comité ze wenden. Deene Cercle, déi kee Vertrieder kënne schécken, gëtt och d'Méiglechkeet gebueden hir Meenung am Virfeld anzereechen.

Um éischten AMP vum 23. Mäerz goung et ë.a. dorëms iwwert eng Participatioun um Streik ze diskutéieren a konstruktiv Verbesserungsvorschläg auszeschaffen. D'Resultat kann een am Pressecommuniqué vum 02. Abrëll noliesen.

Den zweeten AMP vum 14. Juni hat zum Zil d'Memberen am Detail iwwert den amendéierte Gesetzestext opzklären an iwwert d'Fortschrëtt am Dossier ze berichten.

Schlussendlech erklärt sech d'ACEL mam amendéierte Gesetzprojet vum 20. Juni am Groussen a Ganzen averstanen, och wa weidere Verbesserungsbedarf besteet, deem am Verlaf vun dësem Communiqué ausgeféiert gëtt. An deem Sënn verléisst den ACEL-Coméité sech och op d'Ausso vum Minister, datt entsprechend Étudë schnellst méiglech an Ugrëff geholl ginn. Un éischter Plaz steet hei eng fundéiert a professionell Ëmfro bei zukünftegen, aktuellen a fréiere Studenten, fir eng zuverlässeg Basis vun de Besoine kënnen opzebauen. D'ACEL erklärt an dëser Hisiicht nach eng Kéier hir Bereitschaft de Ministère bei dësen Demarchen z'ënnerstëtzen.

Amendementer

Op dëser Plaz wëlle mer kuerz op d'Amendementer agoen, déi ë.a. an Zesummenaarbecht mat der ACEL an de Gesetzestext agefloss sinn.

Déi Studenten, déi kee Recht op de volle Montant vun der sozialer Bourse hunn, kréien d'Méiglechkeet d'Differenz als Prêt ze huelen (Art. 4. an Art. 5.)

Mir si frou, dass dëse Virschlag zréckbehale ginn ass. Engersäits ass et extrem wichteg dass déi Studenten déi amgang si mat studéieren och an Zukunft kënne vum nammlechte Montant profitéieren, fir Situatiounen ze vermeide wou ee säi Studium ofbriechen oder d'Wunneng op Grund vun der Reform wiessle misst. Dozou sief awer och nach gesot, dass doduerch deem Deel vun den Hëllefden déi a Form vu Prêt ausbezuelte gi méi grouss gëtt. Dëst stellt eng zousätzlech Belaaschtung fir de Student am Ufank vu senger professioneller Carrière duer.



Weiderhin ass ze begréissen, datt déi sozial Bourse méi enk gestaffelt gouf an datt elo de "Revenu imposable" (definéiert am Art. 7. vum Gesetz zur Gehaltsbesteuerung vum Dezember 1967) als Bezugspunkt geholl gëtt. An der ACEL hiren Aen ass dëst nëmme konsequent, well et sech heibäi ëm dee Montant handelt, deen enger Famill reell zur Verfügung steet.

Unzuel vun de Kanner am Stot (Art. 4.)

Eng vun eise Fuerderunge war déi Sozial Critère méi genau ze kucken an sech net just op de Revenu ze beschränken. Dass elo d'Unzuel vun de Kanner an engem Menage déi studéiere gekuckt gëtt ass eiser Meenung no e Schrëtt an déi richteg Richtung. Allerdings ginn hei just déi Kanner gekuckt, déi studéieren an och nëmme an deem Fall, wou all d'Studenten aus deem Stot vun enger Studiebäihëllef profitéieren.

Weiderhin ass ze begréissen datt de Stot ("ménage dont l'étudiant fait partie") a senger Ausleeung (z.B. Patchwork-Famillen) den haitege Gegebenheete Rechnung dréit.

Dat Joer wat een am Bachelor (Cycle inférieur) méi zegutt huet gëtt engem am Master (Cycle supérieur) gutt geschriwwen, wann een de Bachelor an der Regelstudienzäit gepackt huet (Art. 7.)

Ons ass et wichtig, dass dëst zousätzlecht Joer engem Student, den et am Bachelor net gebraucht huet, am Master zur Verfügung steet. Dëst zousätzlecht Joer gëtt oft genotzt fir e Projet op der Uni ze maachen oder fir en Auslandssemester, wat oft mat enger verlängerter Studiendauer zesummen hänkt. Aus dem Grond hu mir dës Ännerung virgeschloen an dofir begrëisse mir och d'Ëmsetzung dovun.

Trotzdem wier et begrëissenswäert, wann dem Student a béide Cyclen een Zousazjoer zur Verfügung stoe géing. Dëst wier an éischer Hisiicht fir engagéiert Studente wichtig. Et dierf och doropper higewise ginn, datt et sech bei der Regelstudienzäit a ville Fäll eigentlech ëm d'Mindeststudienzäit handelt, woumadder d'Engagement ausserhalb vum eegene Studium erschwéiert gëtt.

Schaffe während dem Studium (Art. 11.)

D'ACEL begrëisst, datt de Mindestverdingscht, deen een ouni Aschnëtter an de Studiebäihëllef ka verdénge vun 0,5 op 1 x de Mindestloun (aktuell 1921,08 €/Mount) eropgesat gouf. Hei ass et nëmme konsequent, datt wann ee vun de Studenten en Eegebäitrag zu hirem Ënnerhalt verlaangt, dësen net dierf penaliséieren.



Weider Fuerderungen

Basisbourse

E weidere Punkt dee mir verlaangt hunn, deen awer leider net zréck behale gouf, ass d'Eropsetze vun der Basisbourse. De Montant vum reforméierte Kannergeld wier an eisen Aen eng sënnvoll Léisung gewiescht. Eis ass awer bewusst dass dëse Montant nach net fixéiert ass, dofir hu mir eng Basisbourse vun 2500€ virgeschloen. Amplaz vun der Basisbourse ass dofir déi sozial Bourse ugepasst ginn.

Méi Studentewunnenge fir Studenten op der Uni Lëtzebuerg

D'ACEL freet sech ze héieren, dass konkret Projet'en fir de Bau vun neie Studentewunnenge lafen. Den Här Meisch huet eis en Dokument geschéckt an dem d'Realisatioun vun 833 neie Logementer fir Studente bis 2017 festgehalten ass. Dëst Uleies hate mir am Kader vun der Mobilitéitsbourse ugeschwat, déi engem Résident zu Lëtzebuerg net zur Verfügung steet, wann en am Inland studéiert. Et ass trotzdem wichteg, dass dës Wunnenge fir Studente bezuelbar bleiwen an dass nach weider Projete geplangt ginn.

Commission consultative

An der Härtefall-Kommissioun sollen och d'Studentevertrieder Fäll mat eranhuele kënnen. Et ass méi einfach fir Studenten, déi an enger exzeptioneller Situatioun sinn, sech un aner Studenten ze wënnen an do hire Fall z'erklären, wéi an engem Schreiwes un eng Kommissioun. Et geet hei also an éischer Linn dorëmmer de bedürftege Studenten eng Stäip unzebidden. Datt een Usproch op eng zousätzlech Hëllef besteet misste besser kommunizéiert ginn (Bsp: Hiweis um Formulaire). Weiderhi solle sämtlech Fäll an der Kommissioun dokumentéiert ginn, fir bei entsprechendem Besoin d'Legislatur unzepassen.

Gesetzlech verankert Studentevertriedung

Um PdL 6670 huet sech exemplaresch gewisen, datt d'Studenten net all mat enger Stëmm geschwat hunn. An et dierf een sech déi legitim Fro stellen, op déi lëtzebuergesch Studentelandschaft sech esou eppes leeschte kann.

An deem Sënn fuerdert d'ACEL säit geraumer Zäit sech, zumindest, Gedanken iwwert d'Schafe vun enger gesetzlech verankerter Studentevertriedung ze maachen, déi mat wäitgehender Autonomie (Selbstverwaltung, ...) a Rechter (Oofschléisse vu Verträgen, Krankekeess, etc) ausgestatt ass. Dëst géing et engersäits de Studenten erliichtere mat enger Stëmm opzotrieden, well Differenzen am Virfeld ausdiskutéiert ginn. Zum anere géing dem Minister fir Héichschoulbildung e präzisen Uspriechpartner zur Verfügung stoen. Mir sinn an dësem Fall frou festzustellen, datt eise Message och beim Ministère ukomm ass an op oppen Ouere stéisst.

Och hei stellt d'ACEL sech gärén zur Verfügung fir matzeschaffen an hir Erfahrung mat afléissen ze loossen.



Kommentarer

De Prêt als Bestanddeel vun der Bourse

Fir d'ACEL ass och de Prêt en integrale Bestanddeel vun der Studiebäihëllef deem derzou bäidrëit dass ee ka studéiere goen. Hei sollten sech allerdéngs Méiglechkeeten iwwerluecht ginn, fir de Prêt z.B. vu staatlecher Säit ze verginn an op een Zënssaz eventuell komplett ze verzichten. D'Verscholdung vum Student, an domat d'Gefor vun engem private Geldinstitut ofhängeg ze ginn ass zu Lëtzebuerg zwar nach net esou problematesch ewéi an anere Länner, trotzdem sollten sech hei Gedanke gemaach gi fir eventuell zukünfteg Problemer virzebeugen.

Ofschloss

Déi läscht Amendementer déi vun der Regierung gemaach gi si begrësse mir integral. Virun allem dass de "Revenu imposable" gekuckt gëtt fir déi sozial Bourse an dass de Student per Niewenjob bis 1x de Mindestloun ka verdéngen, sinn an eisen Ae gutt Ännerungen.

Et ass ee Beweis dofir, datt sech d'Dialogbereetschaft an déi konstruktiv Kritik vun der ACEL och an dësem Fall nees bewäert hunn. Mir kruten d'Méiglechkeet eis un der Entwécklung vum Gesetzprojet ze bedeelegen, an eis Virschléi sinn och an de Gesetzprojet mat agefloss, wéi ee ka gesinn wann een den Amendéierten Text mat eise Fuerderunge vum 02 Abrëll vergläicht.

Den Här Meisch huet eis zougeséichert, dass nodeems d'Gesetz gestëmmt ass, mat der ACEL zesummen eng Étude ausgeschafft wäert ginn fir déi reell Situatioun vun de Studente fest ze stellen. Et leien de Moment keng Donnéeën iwwer d'Besoinen vum Student fir, dat soll mat dëser Etude geännert ginn. Wann sech da sollt eraus stellen, dass d'Reform de Besoinen net gerecht gëtt, kann op Basis vun zouverlässegen Donnéeën d'Gesetz iwwerschaft ginn. Mir wäerten natierlech derhannert bleiwe fir dass dëst och esou ëmgesat gëtt.

Ofschléissend verweist d'ACEL och nach eemol op hir Workshope während der Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois (REEL) vum 16.-19. Oktober 2014 zu München, wou déi ugeschwaten Themen nach eng Kéier wäerten diskutéiert ginn.

